# MENG GEMENG

LE MAGAZINE DE LA COMMUNE DE PÉTANGE

pétange
MOTIVATION COMMUNE an Du

JUNI - JULI 2026

PÉTANGE

# NATIONAL FEIERDAG

## 23.06.2026 - 13:00-00:00
## JOHN F. KENNEDY PLAZ



16:30
DÄNZ VUN DEN
**Z'CHICAS**

17:30
**FAYE AND THE MOCKINGBIRDS**
(LËTZEBUERGER COVERBAND)

DJ MILES




BIS 00:00

20:30
**MENTAL**
(LËTZEBUERGER COVERBAND)





15:00
**THE HORSEBLINDERS**

PUBLIC VIEWING
COUPE MONDIALE

pétange
MOTIVATION COMMUNE an Du

Infos: www.petange.lu






**Edito** 3

*Nationalfeierdag: Mir feieren eis Heemecht*
*Fête Nationale: Nous célébrons notre pays*

**Péiteng spillt Petanque – a gewënnt un Zesummenhalt** 4

*D'Gemeng Péiteng ass eng richteg Héichbuerg vum gesellegen Zesummesinn. Eng Aktivitéit, déi dozou aluet ewéi kaum eng aner, ass d'Petanque.*

**Spillpark "Spillparadäis" – E Summerhighlight fir d'ganz Famill** 6

*Och dëse Summer ass de Spillparadäis de perfekte Rendez-vous fir Famillje mat Kanner!*

**Moukemissioun um Rollenger Weier** 8

*Bei dëser flotter Aktioun haten d'Kanner direkte Kontakt mat der Natur an hu vill geléiert iwwert d'Mouken a wéi een si schützt.*

**Pléckwisen an der Gemeng** 9

**Äddi Schotter, Moie Liewen!** 10

*Laang Zäit goufe Schottergäert als modern a praktesch ugesinn. Haut gesi mir dat anescht: si erhëtzen eis Ëmgéigend, bidde kengem Déier eng Chance a maachen och bei staarkem Ree Problemer.*

**Late Night Bus Pétange** 11

**La Night Card à Pétange** 11

**AGENDA** 12

**Wat war lass?** 21

**25 Joer Télévie zu Rodange** 24

**Wat war lass?** 26

**Mir gratuléieren** 42

**D'Gemeng informéiert** 43

*Nouvelle organisation des permanences nocturnes*
*Concours: Wéi gutt kennt Dir Är Gemeng?*
*Mobilitéitscheck: Eis Richtung fir d'Zukunft*
*Travaux sur le chemin piétonnier « Bei der Kor »*
*Nei Mataarbechter*

**Leichte Sprache - Das Korus** 46

**ROCK'N'OWL & TECH'N'OWL** 48


# IMPRESSUM


**Éditeur :**
Administration communale de Pétange
B.P. 1 • L-4701 Pétange
Tél. : 50 12 51-1000
Fax : 50 12 51-2000
www.petange.lu
commune@petange.lu

**Comité de rédaction :**
Service Culture et Communications

**Photos :**
Service Culture et Communications, Laurent Blum, Paulo Lobo, Cisp Péiteng, Seniorie St Joseph de Pétange, Emile Hengen, Tiffany Matos, Sascha Goldschmied, istockphoto.com

**Mise en page & impression :**
Imprimerie Heintz, Pétange

PRINTED IN LUXEMBOURG

„Meng Gemeng", imprimé sur du papier 100% recyclé, paraît 6 fois par an.

La revue est distribuée gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange.

**Édition :**
Juin - Juillet 2026

ISSN 1993-0070

FSC RECYCLED Paper made from recycled material FSC® C223614

# Mir feieren eis Heemecht

D'Wieder gëtt vun Dag zu Dag besser. Et ass déi Zäit vum Joer, wou mir eis op de Plazen an an de Stroosse begéinen, wou gelaacht, geschwat a gefeiert gëtt. Eis Gemeng lieft duerch hir Biergerinnen a Bierger. Et sinn d'Engagement an d'Bereetschaft vun all Eenzelnen, déi dozou bäidroen, datt mir eis hei doheem fillen. Sief et duerch d'Veräinsliewen, de Benevolat oder einfach duerch kleng Gesten am Alldag – all Bäitrag zielt a mécht eis Gemeinschaft méi staark.

An enger Welt, déi sech séier verännert, bleift d'Gemeng eng wichteg Stëtz – eng Plaz, wou Mënschen zesummekommen, sech austauschen an sech géigesäiteg ënnerstëtzen. Loosse mir dës Wäerter héich halen a weider zesummen dru schaffen, datt eis Gemeng och an Zukunft eng Plaz bleift, op déi mir houfreg kënne sinn.

Gläichzäiteg ass et eng Zäit vun Erneierung: Mat eisem neie Groussherzog schloe mir e weidert Kapitel an eiser Geschicht op. Dëst ass eng Geleeënheet, fir mat Respekt op dat Vergaangent zeréckzekucken a gläichzäiteg mat Vertrauen an d'Zukunft ze goen.

De Schäfferot wënscht jidderengem e schéinen Nationalfeierdag an hofft, datt ganz vill Bierger a Biergerinnen op deem Dag eist Land héich liewe loossen.

# Nous célébrons notre pays

Le temps s'améliore de jour en jour. C'est la période de l'année où nous nous retrouvons sur les places et dans les rues, où l'on rit, échange et fait la fête. Notre commune vit grâce à ses citoyennes et citoyens. Ce sont l'engagement et la disponibilité de chacun qui contribuent à ce que nous nous sentions ici chez nous. Que ce soit à travers la vie associative, le bénévolat ou simplement par de petits gestes du quotidien – chaque contribution compte et renforce notre communauté.

Dans un monde en constante évolution, la commune reste un pilier essentiel – un lieu où les personnes se rencontrent, échangent et se soutiennent mutuellement. Continuons à faire vivre ces valeurs et à œuvrer ensemble pour que notre commune demeure, à l'avenir aussi, un endroit dont nous pouvons être fiers.

C'est également une période de renouveau : avec notre nouveau Grand-Duc, nous ouvrons un nouveau chapitre de notre histoire. C'est l'occasion de regarder le passé avec respect tout en avançant vers l'avenir avec confiance.

Le collège des bourgmestre et échevins souhaite à chacune et chacun une belle fête nationale et espère que de nombreux citoyens et citoyennes feront vivre notre pays en ce jour.

Le collège des bourgmestre et échevins vous invite cordialement à assiter à la

## Célébration de la Fête nationale,

**le mardi 23 juin 2026 d'après le déroulement suivant:**

**10.00 heures:** Rendez-vous au Centre des Loisirs à Lamadelaine
et Départ d'un cortège vers l'Eglise de Lamadelainee

**10.30 heures:** Te Deum solennel en l'Eglise paroissiale
Chant par les chorales Sainte Cécile de la Commune de Pétange

**11.00 heures:** Retour du cortège vers le Centre des Loisirs

**11.15 heures:** Célébration publique de la Fête nationale

Allocution officielle du bourgmestre - Promotion générale dans les Ordres nationaux - Vin d'honneur
Encadrement musical par les deux sociétés de musique de la commune de Pétange

Une navette d'autobus fonctionnera ce matin pour emmener les citoyens de Pétange et de Rodange à Lamadelaine
Départ à 9h30 aux arrêts „Pétange - Eglise", „Rodange - Hall sportif". Retour à 12h30 à l'arrêt „Lamadelaine - Ecole"



# Péiteng spillt Petanque – a gewënnt un Zesummenhalt

D'Gemeng Péiteng ass eng richteg Héichbuerg vum gesellegen Zesummesinn. Eng Aktivitéit, déi dozou aluet ewéi kaum eng aner, ass d'Petanque. Op de verschiddene Bunnen an der Gemeng gesäit een daagsiwwer dacks vill Rentner hir Boule schéissen, mee owes an um Weekend geselle sech ëmmer méi passionéiert «Boulisten» dobäi, déi d'Spill mat vill Freed a Kompetitiounsgeescht ausüben.

An der Gemeng ginn et zwee ganz aktiv Petanque-Veräiner: de Club de Loisirs Echelsbaach zu Lamadelaine an de Club Loisirs Sportifs zu Rodange am Doihl.

Zu Lamadelaine hunn eis d'Membere mat vill Stolz hiren neien Iwwerdaach gewisen, deen aktuell fäerdeggestallt gëtt. Nieft fënnef Pisten am Fräie kënnen d'Spiller hei elo och op fënnef iwwerdaachte Bunne spillen – eng modern an nohalteg Léisung, déi den ale Verdeck ersetzt, deen an d'Jore komm an net méi dicht war. Um Terrain héiert een e liewege Mix aus Franséisch a Lëtzebuergesch, an och Frae beweisen hei reegelméisseg hiert Kënnen. An der Buvette herrscht eng gemittlech Stëmmung, déi de soziale Charakter vum Club ënnerstäicht.

Och zu Rodange am Doihl trëfft een op e ganz aktive Fräizäitclub. Mat 16 Bunnen am Fräien an zwou







iwwerdaachte Pisten, déi direkt mat der Buvette verbonne sinn, bitt de Site optimal Konditiounen op enger wonnerschéiner Plaz. De Club kann op eng laang Traditioun zeréckblécken, wat sech och an den ale Fotoen an der Buvette erëmspigelt. De Comité engagéiert sech mat vill Häerzblutt fir de flotte Chalet a erzielt gäre vu ville gesellegen Owender, Gebuertsdeeg a flotte Momenter, déi do zesumme gefeiert ginn. E feste Rendez-vous am Joer ass dat bekannte Wisefest am Doihl – en Tournoi, deen sech mat engem richtege Volleksfest verbënnt an am Summer vill Leit unzitt.

De Comité ass all Mëttwochs owes um Terrain präsent, mee och während der Woch gëtt hei fläisseg gespillt.

Eng méi jonk, mee net manner attraktiv Infrastruktur ass de neie Boulenterrain op der Place J.F. Kennedy zu Péiteng, direkt nierft der Gemeng. Dësen ass den 2. Mee offiziell vum Gemengerot ageweit ginn. De Site bitt eng flott Geleeënheet, fir op waarme Summerowender geselleg Stonnen ze verbréngen. Et muss een nëmme seng eege Bulle matbrengen an da kann ee lassleeën. Mat zwou ugrenzenden Terrasse kann een et sech hei richteg guttgoe loossen.

Egal ob zu Lamadelaine, Rodange oder am Zentrum vu Péiteng – d'Petanque verbënnt Generatiounen a Kulturen a bleift e wichtege Bestanddeel vum liewege Gemengeliewen.





**Club de Loisirs Echelsbaach**

Rue du vieux moulin
Lamadelaine

Contact: 50 03 59 ou
621 185 391

**Club de Loisirs Sportifs -**
**Club fir Fraizait-Sport asbl**

Am Doihl - Rodange

E-mail: henri.krecke@gmail.com

Contact: 58 77 11 - 214





# VAKANZAKTIOUN 2026

# SPILLPARADAIS

## VUM 20. BIS 31. JULI

**VU 14 BIS 18 AUER**

## E SPILLPARK fir KANNER

bis 12 Joer





### SPEZIELL ËFFNUNGSZÄITEN

FREIDES, DE 24. VU 14 BIS 20 AUER
SAMSCHDES, DE 25. VUN 10 BIS 12 AUER

### UM PROGRAMM

**Sprangschlässer, Trampolin, Klammwand, Escape game, Facepainting, Bowling, Ninjaparcours, Rutschban, Zauberer, Clown, Paraden, DJ, Associatiounen, Clibb a villes méi ...**

**VERKAF VU GEDRÉNKS A SNACKEN OP DER PLAZ**

### ADRESS

Lycée Mathias Adam
Avenue du l'Europe
L-4802 Lamadalaine

!!!

Sportskleeder a Sportsschong sinn erwënscht fir d'Partizipatioun un allen Atelieren ze garantéireren.

D'Elteren oder d'Begleetpersoune si fir hir Kanner responsabel; ausser Cycle 4 mat Autorisation parentale.

pétange MOTIVATION COMMUNE an Du

LYCÉE MATHIAS ADAM

# Spillpark "Spillparadäis" – E Summerhighlight fir d'ganz Famill

### Um Site vum LMA (bannen a baussen)

Och dëse Summer ass de Spillparadäis de perfekte Rendez-vous fir Famillje mat Kanner!

Zitt är bequeem Sportskleedung a Sportschong un a maacht mat.

**Vum 20. bis den 31. Juli 2026 (Méindes bis Freides vu 14:00 bis 18:00 Auer)** erwaart Iech eng flott Mëschung aus Spill, Beweegung a gudder Laun an engem sécheren an agreabele Kader.

**PROGRAMMHIGHLIGHTS, déi een net däerf verpassen:**

- **20.07.:** Ouverture a Parade Wonderland, souwéi och Ballonskënschtler
- **21.07.:** Stelzenläufer zum Thema Candy
- **23.07.:** La fée des bulles, eng Show mat risege Seefeblosen
- **24.07.:** Nocturne bis 20:00 Auer mat Mini Disco fir Kanner mat Seefeblosemaschinn an Dampmaschinn
- **25.07.:** Matinée vu Moies 10:00 bis 12:00 Auer mat Clowneshow
- **28.07.:** Zauberer Christian Lavey (Show & Close-up ab 15:00)
- **29.07.:** Escape Game
- **30.07.:** Stelzenläufer zum Thema Zirkus
- **31.07.:** Parade vun de Risebieren a Ballonskënschtler



De Spillparadäis riicht sech u Kanner bis 12 Joer, déi a Begleedung vun Elteren oder Betreiungspersonal deelhuelen. Kanner aus dem Cycle 4 dierfen, mat enger schrëftlecher Autorisatioun vun den Elteren, och eleng kommen. Parkméiglechkeeten si genuch do.

Am Spillpark gëtt et vill ze entdecken: Sprangschlässer, Rutschbanen, eng Kloterwand mat Betreiung, Action-Parcoursen, Waasserspiller, Escape Game a vill méi. Eng Rei Veräiner suerge fir eng ofwiesslungsräich Animatioun, an all Dag gëtt d'Stëmmung duerch en DJ a Face Painting nach méi opgelackert.

Fir de klengen Honger an den Duuscht ass gesuergt: Gedrénks a Snacks ginn um Site verkaf.

De Spillparadäis versprécht onvergiesslech Momenter fir d'Kanner – an entspaant a flott Stonne fir d'ganz Famill.



# Moukemissioun um Rollenger Weier

Beim Enseignant Laurent Biraschi aus dem Cycle 4 vu Lamadelaine stinn ëmmer nees aussergewéinlech Aktivitéiten um Programm.

Hien hat sech den 19.Mäerz owes am Donkele mat senge Schüler getraff, fir eng Aktivitéit ze starten, déi souwuel pedagogesch sënnvoll wéi och am Sënn vun der Natur war.



## Moukewanderung

Si hunn d'Mouken, déi op a laanscht d'Strooss Richtung Rollenger Weier gewandert sinn agesammelt an direkt am Weier erëm fräigelooss.

Sou haten d'Kanner direkte Kontakt mat der Natur an hu vill geléiert iwwert d' Mouken a wéi een si schützt.



**Sean:** „Ech hu vill Moukeläich fonnt, an der Cité, wou ech wunnen. Bei der Baach hat sech e klenge Sumpf gebilt, deen awer no an no verdréchent ass. Haut sinn ech mat engem Eemer de Moukeläich siche gaangen, fir en am Weier erëm auszeschëdden, well di Eeër soss bis muer gestuerwe gewiescht wieren."

**Dina:** „Ech si lo scho fir d'zweet Kéier dobäi a hu 6 oder 7 Mouke fonnt.
Läscht Joer waren hei méi Mouken, vläicht well mir deemools méi spéit am Mount hei waren."







**Morena:** „D'Mouken hu souguer Geräischer gemaach – et war witzeg, hinnen nozelauschteren."



**Chelsea:** „Ech hat der véier fonnt, dat war wierklech flott. Fir d'Mouke war et sécher och opreegend, well si et jo net gewinnt waren, an engem Eemer ze sinn."

**Daria:** „Si ware ganz léif. Ech hunn der zwou geschenkt kritt, well ech selwer keng fonnt hat. Si hunn sech kal a glëtscheg ugefillt."



## Eischt Helferlein



Och an anere Beräicher weisen d'Kanner e grousst Engagement: Si goufen als „Éischt Helferlein" ausgebilt a ginn an d'Klassen, fir hiert Wëssen un aner Kanner weiderzeginn.

Vill Freed mécht hinnen och den Ëmgang mat den zwee Schoulhënn. Donieft sichen si aktiv den Austausch mat Senioren, déi hinnen erzielen, wéi d'Liewe fréier war – Geschichtsunterrecht emol op eng ganz lieweg an interessant Aart a Weis.



# Pléckwisen an der Gemeng – e Bouquet Blumme fir d'Natur an och ee fir eis

De Begrëff Insektestierwen ass leider kee Mythos. Wëssenschaftlech Etüden hunn an de leschte Joerzéngten däitlech gewisen, datt d'Biomass vu fléienden Insekten a verschiddene Regiounen – ënner anerem an Deeler vun Däitschland – ëm bis zu 75 % zeréckgaangen ass. Eng alarméierend Entwécklung, déi och eis Géigend betrëfft.

Eng propper, kuerz geschnidde Wiss gesäit vläit uerdentlech aus, mee fir d'Natur ass si näischt anescht wéi eng „gréng Wüst". Si bitt weder genuch Iessen a Form vun Nektar a Pollen, nach en Ënnerdaach fir Insekten. Am Géigesaz dozou stinn heemesch Blummewisen, déi e richtegt Paradäis fir Beien, Bommelen a Päiperleke sinn.

D'Gemeng Péiteng engagéiert sech schonn zanter laangem fir méi Biodiversitéit. Mat dem Prinzip vum „Fauchage tardif" – also dem spéide Méie vu bestëmmte Flächen – gëtt der Natur méi Zäit a Raum ginn. Zousätzlech ginn all Joer nei Wëllblummewisen ugeluecht, déi net nëmme faarweg Akzenter setzen, mee virun allem wichteg Liewensraim schafen.

### Eng nei Initiativ: Pléckwise fir jiddereen

Ganz nei an eiser Gemeng sinn elo d'Pléckwisen. Hei ass jidderee wëllkomm, sech e klenge Bouquet Natur direkt mat heem ze huelen. Dës Initiativ verbënnt d'Férderung vun der Biodiversitéit mat engem konkrete Plus fir d'Bierger – d'Natur gëtt net nëmme geschützt, mee och am Alldag erlieft.

### Wou fënnt een d'Pléckwisen?

- Zu Lamadelaine hannert dem Kierfecht
- Zu Péiteng niewent dem Kierfecht

### Firwat „Pléckwisen"?

Dës Wise bestinn aus enger Mëschung vun heemeschen an insektefrëndleche Blummen. Am Géigesaz zu anere Gréngflächen an der Gemeng ass d'Plécken hei ausdrécklech erlaabt. Dir kënnt Iech also roueg e klenge Bouquet fir doheem mathuelen – an awer bleift genuch fir d'Insekten iwwereg, déi hei räichlech Nektar a Polle fannen.

### Hei ass Gedold gefrot

Och wann et villäicht an de Fangere kribbelt: d'Natur brauch Zäit. Bis déi éischt gréng Spëtzen ze gesi sinn, kann et nach e bëssen daueren. Mir bieden d'Bierger, dës Flächen an hirer Wuesstemsphas ze respektéieren. D'Resultat wäert sech am Summer weisen, wann déi éischt Blummen eis Gemeng net nëmme méi schéin, mee och däitlech méi lieweg maachen. Verschidde Planzen bléien esouguer eréischt am zweete Joer – wat d'Pléckwisen nach méi spannend mécht.



### E klenge Rot fir doheem

Insekte brauchen net einfach „Blummen", mee déi richteg. Vill dekorativ Zorten aus dem Supermarché hu sougenannt „gefëllte" Bléien. Déi gesinn zwar flott aus, mee bidde weder Polle nach Nektar. Mat heemesche Planze sidd Dir ëmmer op der sécherer Säit, well eis lokal Insekten iwwer Joerdausenden un dës ugepasst sinn.

–> Méi Informatioune fannt Dir op: www.wellplanzen.lu

Mat de Pléckwisen setzt d'Gemeng Péiteng e weidere wichtege Schratt fir eng méi nohalteg a lieweg Ëmwelt – a jidderee ka matmaachen.

# Äddi Schotter, Moie Liewen!

## Äre Gaart ka méi wéi Dir mengt.

Laang Zäit goufe Schottergäert als modern a praktesch ugesinn. Haut gesi mir dat anescht: si erhëtzen eis Ëmgéigend, bidde kengem Déier eng Chance a maachen och bei staarkem Ree Problemer. Wat wéi eng „propper Léisung“ ausgesäit, entpuppt sech oft als gro Fläch ouni Liewen.

Dobäi kënnt: wierklech „pflegeleicht” si Schottergäert  och net. Onkraut a Moos fannen ëmmer hire Wee tëscht de Steng – an da gëtt et séier ustrengend.

### Déi gutt Noriicht? Et geet och anescht!

A virun allem: et ass vill méi einfach, wéi ee mengt.

D’Gemeng Péiteng weist de Wee: Eng Schotterfläch beim QT-Zenter gouf an e bléiend Staudebeet verwandelt – mat engem Resultat, dat sech weise léisst.

### Äre Wee zum natierleche Gaart – an e puer Schrëtt:

**1. Schrëtt: Fräi maachen**

Schotter ewech – a wa méiglech weiderbenotzen (z. B. fir Drainage).

**2. Schrëtt : Barrièren ewechhuelen**

De Vlies muss fort, fir datt de Buedem nees liewe kann.

**3. Schrëtt : Loft fir de Buedem**

Oplackeren a mat neiem Buedem ergänzen. Heemesch Planze brauche meeschtens keen deiere gedüngte Buedem.

**4. Schrëtt : déi richteg Planzen**

Setzt op heemesch Stauden – si sinn net nëmme schéin, mee och onersetzlech fir Beien a Päiperleken.

(Tipps op www.wellplanzen.lu)

**5. Schrëtt : genéissen an entspanen**

No enger kuerzer Ufanksphas iwwerhëlt d’Natur: dichte Wuesstem reduzéiert Onkraut – an Dir hutt manner Aarbecht.

### An d’Resultat?

Eng lieweg, bléiend Oas amplaz vun enger waarmer Steewüüst. Méi Faarf, méi Liewen, méi Frësch – direkt virun Ärer Dier.

E klengen Ëmbau, eng grouss Wierkung.

Äre Gaart ka méi – gitt him d’Chance !









# Late Night Bus Pétange

Le Late Night Bus Pétange relie Bascharage (arrêt Arcades) aux localités de Pétange, Lamadelaine et Rodange, chaque vendredi et samedi soir.

## Comment ça fonctionne ?

Depuis Luxembourg-Ville, prenez le Late Night Bus Käerjeng (LNB KAE) jusqu'à Bascharage – Arcades. Une navette assure ensuite la desserte des arrêts dans la commune de Pétange.

## Tarif

Le trajet est entièrement gratuit.

## Besoin d'aide ?

Service disponible 24h/24 et 7j/7
Tél. : 26 651-2800 (Sales-Lentz)



| Arrêt de Bus | Départ | Départ |
|---|---|---|
| BASCHARAGE, Arcades | 02:00 | 04:00 |
| BASCHARAGE, Rond-Point A. Siebenbour | 02:02 | 04:02 |
| BASCHARAGE, Bomicht | 02:03 | 04:03 |
| PETANGE, Cité CFL | 02:04 | 04:04 |
| PETANGE, Letzebuergerstrooss | 02:05 | 04:05 |
| PETANGE, Gemeng | 02:06 | 04:06 |
| PETANGE, Cactus | 02:09 | 04:09 |
| LAMADELAINE, Op der Gare | 02:11 | 04:11 |
| LAMADELAINE, Wissestrooss | 02:12 | 04:12 |
| LAMADELAINE, Schoul | 02:13 | 04:13 |
| LAMADELAINE, Kiirch | 02:14 | 04:14 |
| RODANGE, Nidderréidéng | 02:16 | 04:16 |
| RODANGE, Philipartstrooss | 02:18 | 04:18 |
| RODANGE, Gaardestrooss | 02:19 | 04:19 |
| RODANGE, Wäschbuer | 02:21 | 04:21 |
| RODANGE, Croix St. Pierre | 02:23 | 04:23 |
| RODANGE, Fontaine d'Olière | 02:25 | 04:25 |
| RODANGE, Fonderie | 02:27 | 04:27 |
| RODANGE, Cité à la Wissi | 02:29 | 04:29 |
| RODANGE, Gare | 02:31 | 04:31 |

# La Night Card à Pétange : se déplacer en toute simplicité

Grâce à la Night Card et au service Night Rider, vos déplacements nocturnes le week-end deviennent faciles et sécurisés.

## Comment réserver ?

Lors de la réservation (en ligne ou via l'application), il suffit d'indiquer le code de votre Night Card (ex. SUDH12345). La réduction est automatiquement appliquée, même pour les trajets en groupe.




## Qui peut en bénéficier ?

Tous les habitants de Pétange âgés à partir de 16 ans.

## Où l'obtenir et à quel prix ?

La carte est disponible à la recette communale (Hôtel de Ville) :

- 16–26 ans : 40 €/an ou 20 € (demi-saison)
- 27 ans et + : 80 €/an ou 40 € (demi-saison)

Paiement en espèces ou par carte bancaire, pièce d'identité requise.

## Combien coûte le trajet ?

Il est gratuit, si le départ ou l'arrivée se situe sur le territoire de la commune.



# AGENDA
## Juin - Juillet

**05.06**
### NIGHTTRAIN –
**eng musikalesch & kulinaresch Entdeckungsrees**
Fond-de-Gras · 19.00 Auer
Org.: Commune de Pétange/ Minettpark

**05.06**
### AWEIUNG 2026 – SOIRÉE DES ANCIENS
Péiteng – Centre musical et culturel KORUS
Ufank: 19.00 Auer
Fräien Entrée
Org.: Ecole de musique de Pétange
https://www.museksschoul.lu/

**06. - 07.06**
### TOURNOI JEAN HOFFMANN
9.00 - 20.00 Auer
Rodange, Stade Jos Philippart et Hall Polyvalent
Org.: F.C. Rodange 91 asbl

**07.06**
### PLOGGING – PICK UP AND RUN
Ufank: 10.00 Auer
Rendez-vous: Rodange – Sportshal
L-4840 Rodange
3, rue Jos. Moscardo
Org.: CA Red Boys - UA Pétange

**07.06**
### TËTELBIERG-TRAIL
à partir de 10.00 heures
Parcours en forêt:
10 km et 17 km
Départ et arrivée Stade Doihl, Rodange
Org.: C.A. Red-Boys – U.A. Pétange

**07.06**
### MAMMENDAGSFEIER
Lamadelaine – Centre de loisirs
Ufank: 11.00 Auer
Org.: Amicale Péitenger Senioren

**8.06, 29.06 & 20.07**
### BICHERBUS
Péiteng, Place J.F.Kennedy
vun 11.15 bis 11.45 Auer
Rodange bei der Sportshal
Rue Jos Moscardo
vun 13.15 bis 14.15 Auer
Gratis Bicher, Audio-Bicher an DVDe léinen
Info iwwer Tel.: 80 30 81 (Romain Kayser) oder per E-Mail: bicherbus@bnl.etat.lu
Um Internet ënner: https.//cutt.ly/ewKPTuE
Org.: Kulturministère

### PABEIERSAMMLUNG AN DER GEMENG PÉITENG
**Tour 1: 20.06. & 11.07.**
**Tour 2: 12.06. & 10.07.**
**Tour 3: 19.06. & 17.07.**



**Nëmme Päck ënner 10kg gi matgeholl!**
**D'Pabeierpäck oder d'Kartongsköschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**
Org.: Gemeng Péiteng
Guiden a Scouten Péiteng

**12. - 16.06**
### KERMESSE À PÉTANGE
Place John F. Kennedy · Pétange
Org.: Commune de Pétange

**13. - 14.06**
### KORDALL AM DRIBBEL
9.00 - 18.00 Auer
Pétange – Centre sportif Bim Diederich
Org.: Kordall Steelers

**Ausstellung - Exposition**
### KULTURHAUS „A ROUSEN"
place du Marché zu Péiteng

**05. – 07.06**
### NADINE KONSBRUCK
14.00 - 20.00 Auer · Fräien Entrée

**19. – 21.06**
### JEAN-LUC MINES
14.00 - 18.00 Auer · Fräien Entrée
Org. : Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la Commune de Pétange

**27.06 - 01.07**
### CLAUDIA FANELLI
Fräien Entrée
Org. : Syndicat d'Initiative Rodange asbl

**13.06**
### AWEIUNG 2026 – MUSIQUE MILITAIRE GRAND-DUCALE
Péiteng – Centre musical et culturel KORUS
Ufank: 20.00 Auer · Fräien Entrée
Org.: Ecole de musique de Pétange
https://www.museksschoul.lu

**14.06**
### ZUMBA MASTERCLASS WITH ZJ & ZES ECEM
15.30 - 18.00 Auer
Rodange, Hall Sportif
Org.: Zchicas Luxembourg

**16.06**
### COURS DE CUISINE
19.00 - 22.00 heures
Lamadelaine – vieux moulin
Prix: 30€ par personne
Org.: Commune de Pétange en collaboration avec sa commission de l'égalité

**20.06**
## ASSEMBLÉE GÉNÉRALE ORDINAIRE
10.30 - 14.00 Auer · Péiteng – Maison de la culture ‚A Rousen'

Org.: Fanclub FC Bayern München Péiteng 2010

**21.06**
## CSV SUMMERFEST
11.00 – 22.00 Auer · Péiteng – Place J.F. Kennedy

Org.: CSV Péiteng

**26.06**
## DARTS WORKSHOP
18.00 - 22.00 Auer

Lamadelaine – Centre de loisirs
L-4840 Rodange
3, rue Jos. Moscardo

Org.: UNADUO / Fritz & Friends

**27.06**
## REPAIR CAFÉ KORDALL
9.00 - 12.00 Auer · Péiteng – Maison de la culture „A Rousen"

Org.: Commune de Pétange

**27.06**
## TRËPPELTOUR MAT GUIDE BEI D'KRICHSMONUMENTER AM ZENTRUM VU PÉITENG
## TOUR GUIDÉ DES MONUMENTS DE GUERRE AU CENTRE DE PÉTANGE (L/F)
Rendez-vous: 16.00 Auer op der J.F.Kennedy Plaz

Org.: Comité du Souvenir de la Commune de Pétange en collaboration avec le SITP

**28.06**
## LSAP – ROUSEFEST
11.30 - 22.00 Auer
Péiteng – Place J.F. Kennedy

Org.: LSAP Péiteng

**04.07**
## STROOSSEMAART ZU PÉITENG
Org.: Association des professionnels des foires et marchés asbl

**05.07**
## PLOGGING – PICK UP AND RUN
Ufank: 10.00 Auer

Rendez-vous: Rodange – Sportshal
L-4840 Rodange
3, rue Jos. Moscardo

Org.: CA Red Boys - UA Pétange

**08.07**
## CONFÉRENCE AU SUJET DE LA 2e GUERRE MONDIALE "WAFFEN-SS"
19.00 - 21.30 Auer

Entrée libre – pas de réservation nécessaire

Pétange – Maison de la Culture „A Rousen"

Org.: Amis de l'Histoire de la Commune de Pétange

**11. - 12.07**
## LA COURAGEUSE – GALA
Samedi: 18h00
Dimanche: 15h00

Pétange – Centre Sportif
Bim Diederich

Tickets et infos au 661 300 051

Org.: Société de Gymnastique la Courageuse Pétange

**14.07**
## AMERCIAN MUSIC ABROAD
À partir de 19.30 heures

Pétange, Place J.F. Kennedy

Org.: SITP

## WAS IST LOS IN DER GEMEINDE SCHIFFWEILER?

**06. - 07.06**
### ALM FOOD FESTIVAL
Auf der Bergehalde Reden findet ein großes Alm Food Festival statt. Besucherinnen und Besucher dürfen sich auf köstliches Street Food, stimmungsvolle Live-Musik und ein beeindruckendes Panorama freuen.

**10. - 12.07**
### 44. BERGMANNSTAGE IN HEILIGENWALD
Ein abwechslungsreiches Festwochenende mit Live-Musik, guter Stimmung und geselligem Beisammensein erwartet die Besucherinnen und Besucher.

Ein Fest für alle, die gute Musik und sommerliche Atmosphäre schätzen.

Weitere Infos auf folgender Seite:

https://www.schiffweiler.de/aktuelles-veranstaltungen/termine

## MINETT-PARK FOND-DE-GRAS
Infos: www.minettpark.lu

**07.06**
### SEGWAY TOUT-TERRAIN BY SEGWAYTOURS
**Informations pratiques:**
Rendez-vous: 9h45 au Hall Paul Wurth – Fond-de-Gras

Prix: 75€/personne

Durée: prévoyez 3h00

**03. - 12.07**
### AUSSTELLUNG – EXPO "KONSCHT AM MINETT"
Hall Paul Wurth

Exposition ouverte tous les jours, de 14.00 à 18.00 heures

Entrée gratuite

## Musikalesch Événementer: PÉITENGER MUSEKSSCHOUL

Korus - Centre Musical et Culturel
50, rue Batty Weber, Péiteng

Péitenger Musekschoul · :KORUS Centre musical et culturel

**Juni - Juli Highlights:**

| Datum | Événement | Auerzäit | Plaz |
|---|---|---|---|
| **20.06** | Audition Classe de Harpe | 11.00 | Korus |
| **20.06** | Audition Classe de Piano | 13.30 | Korus |
| **27.06** | Audition Classe de Formation chorale | 17.00 | Korus |
| **30.06** | Audition Classe de Percussion | 18.30 | Korus |
| **01.07** | Audition Classe de Trompette | 18.00 | Korus |
| **02.07** | Audition Classes de Violon & Piano | 18.00 | Korus |
| **04.07** | Audition mixte - gourmandises musicales | 15.00 | Korus |
| **09.07** | Audition Classe de Mandoline | 18.30 | Korus |
| **11.07** | Concert Solféérique | 16.00 | Korus |
| **12.07** | Concert Solféérique | 10.00 | Korus |

CLUB KORDALL AKTIV

## AGENDA

27-29, rue Michel Rodange
L-4660 Differdange

Umeldungen an Aschreiwungen iwwer
Tel. +352 26 58 06 60

Iwwerweisung vun de Rechnungen op de Konto
CCPLLULL
LU91 1111 1007 2640 0000

### 07.07 Besichtegung „les Jardins d'Alysea"

D'Fleegeheem Alysea läit zu Crauthem an engem gréngen a rouege Ëmfeld a bitt e modernt, komfortabelt a sëchert Liewensëmfeld, just e puer Minutte vun der Stad Lëtzebuerg ewech. Kommt bei eis a verbréngt mat eis en agreabelen a gesellegen Nomëtteg.

**Participatioun:** Gratis · **Bus:** 16€

**Rendez-vous:**
13h15 Parking Plateau des Hauts Fourneaux oder
13h50 beim Alysea zu Crauthem

### 10.07. Segway am Ellergronn

En aussergewéinlechen Ausfluch an d'Natur. Zesumme mat zwee Instruktere gëtt mam Segway d'Naturzon vum Ellergronn op eng flott a gemittlech Aart a Weis entdeckt. No ronn 2 Stonne voller Spaass geet et duerno zesummen an de Restaurant „An der Schmëtt", wou den Dag bei enger gudder Moolzecht ausklénkt.

**Participatioun:** 63€ · **Bus:** 10€

**Restaurant:**
op der Plaz ze bezuelen

**Rendez-vous:**
9h10 Parking Plateau des Hauts Fourneaux oder
9h50 am Ellergronn

### 21.07. Ausfluch op de Bostalsee an Däitschland

Aktivitéit mat de Jugendlechen aus dem Jugendhaus Déifferdeng

Moies steet eng flott Tour mam Solarboot um Programm, ier et mëttes zesumme giess gëtt. Duerno bleift nach genuch Zäit, fir den Nomëtteg fräi ze genéissen an d'Géigend op eege Fauscht z'entdecken.

**Participatioun:** 32€
(Bus + Seerundfahrt mam Schëff)

**Restaurant:** op der Plaz ze bezuelen

**Rendez-vous:**
8h15 beim Centre sportif Bim Diederich zu Péiteng
8h45 Parking Plateau des Hauts Fourneaux oder
9h00 beim Artikuss zu Zolwer

**Inscriptioun:** 26 58 06 60

# PÉTANGE

MUSIC

FOOD

DRINKS

**PUBLIC VIEWING**
COUPE MONDIALE

# AFTER WORK BEIM WAX

## 17:00-22:00

- 04.06 / OPENING - THE MUSKETEERS
- 11.06 / AMANI BY FLEX ORLANDO & FREEZY
- 18.06 / ROAD TO ZION - DJ NOBREGA
- 22.06 / VIROWEND NATIONALFEIERDAG — AB 18:00
- 25.06 / 90s/2000s BY DJ BEN LEO & FRIENDS
- 02.07 / LET THE DRUMS TALK - MANLORENZZ & MIRKO_DRUMWAVE
- 09.07 / CHEYENNE JANAS
- 12.07 / CLOSING - ALL REITZ RESERVED - APEROL HITS COVERBAND — AB 16:00

Méi Infoen op:
**www.petange.lu**

Eldoradio

Pétange – Motivation commune

WARM-UP:


DJ MILES


RAYZON

# 30 ans ça se fête !

## Venez célébrer avec nous lors de la journée

# Portes ouvertes







**Samedi, le 6 juin 2026**
**de 10.30 à 17.00 heures**
**à la station d'épuration de Pétange**

SIACH
30 Joër
*Mär këmmeren eis ëm Äert Ofwaasser!*

👉 **Une sortie ludique pour toute la famille**
💦💧 **Plongez dans le parcours de l'eau !** 💦
**Petite restauration et boissons offertes**



**Syndicat Intercommunal pour l'Assainissement du bassin de la Chiers**

**6, rue du Stade**
**L-4711 Pétange**

**Parking rue du Stade & rond-point terrain de foot**

**Tel :23653-1 – www.siach.lu**


Wat leeft? am Kanal
OfWaasser.lu



# NUIT DU SPORT 2026




pétange
MOTIVATION COMMUNE an Du

DJ MILES

**Komm a probéier mat eis :**
**Ballsport, Kampfsport, Fëschen,**
**Schwammen, Danzen**
**a villes méi op der Nuit du Sport zu Péiteng.**

La Courageuse Pétange · Squash Péiteng · Union Cycliste Rodange · Sportfëscher Péiteng · Union Titus Pétange · Volley 80 Pétange · Abadá-Capoeira Pétange · Handball Club HBP · Kordall Walkers · L'Avant Garde Rodange · Zumbachicas-LU · Tennis Club Petange · Kordall Steelers · Lëtzebuerger Guiden a Scouten · Cercle Nautique Pétange · DT Kordall 95

Service national de la jeunesse
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

https://www.nuitdusport.lu/fr/programme/petange

MÉI INFOEN OP:

# PÉTANGE




Infoen:
**www.petange.lu**

Eldoradio

pétange
MOTIVATION COMMUNE an Du

pétange
MOTIVATION COMMUNE
an Du

Les Amis des Jumelages
de la Commune de Pétange
association sans but lucratif

# Bürgerreise

**11/07**

## Tagesfahrt in unsere Partnerstadt

# SCHIFFWEILER

SCHIFFWEILER
Partnerstadt
Pétange

## Auf den Spuren des ehemaligen Kohlebergbaus und Besuch des Volksfestes

# "Bergmannstage"
## Heiligenwald




**Abfahrt:** **9.30** Parking Centre Sportif Bim Diederich

**Preis:** Busfahrt + Besichtigungen + 3-Gänge-Mittagsmenü
(ohne Getränke): **40,00 Euro**

**Weitere Informationen und Anmeldung:**
Tel. **691 640 210** | Mail: **masutti@pt.lu**

CLUB KORDALL AKTIV
lued lech all an op säi

Sous le patronage de la
Ville de Differdange

# Summerfest

## E Fest fir d'ganz Famill

**18.07.2026**
**11h00 - 18h00**

**PARC GERLACHE**
**DEIFFERDENG**

**Dëst Joer sti méi Still zur Verfügung fir bequem ze sëtzen**

**Iwwerraschunge fir Kleng a Grouss**

**Verschidden Iess- a Gedrënksstänn op der Plaz**

Musikalesch Ënnerhalung

**RED ROCK COTTON HILL GANG – MARISA & ROB**
**LISA MARIOTTO & GINO TRICARIO**

**Grouss Tombola**



Tél.: 26 58 06 60
info.kordallaktiv@differdange.lu

pétange MOTIVATION COMMUNE
Gemeng Käerjeng
GEMENG SUESSEM

# Wat war lass?

**14.03.2026** - *Bei der Generalversammlung vun den „Amis des Lépreux de Rodange“ goufen dräi Schecken un Fondation St. Zithe, un Kanner an Familljenhëllef aus Olm an un Fondation Raoul Follereau iwwerreecht.*







**26.03.2026** - *D'Gemeng huet véier engagéiert Organisatiounen - Dignity Asbl, Niños de la Tierra Asbl, Aide à l'enfance de l'Inde et du Népal a Fondation Luxembourg - El Salvador - fir hiren Asaz am globale Süden ënnerstëtzt an domat e staarkt Zeeche vu Solidaritéit gesat.*











**21.03.2026 - FLGym-Nationalkongress zu Péiteng** - *Vill Vertrieder vu Veräiner, Trainer a Responsabel aus dem Gymnastikssecteur hunn sech getraff, fir iwwer aktuell Themen, d'Zukunft vum Sport an d'Zesummenaarbecht auszetauschen - eng wichteg Plattform fir Iddien an de weidere Fortschrëtt vun der Gymnastik zu Lëtzebuerg.*






**25.03.2026 - Aweiung vun neie Gemengegefierer** - *D'Gemeng Péiteng huet hire Fuerpark zum Deel erneiert an nei Gefierer am Wäert vu ronn 1,4 Milliounen Euro ugeschaaft (2024 an 2025). Dës Investitioun erlaabt et de Servicer, nach méi effizient am Déngscht vun de Biergerinnen a Bierger ze schaffen. Och d'Nohaltegkeet steet am Fokus: 3 nei Elektrogefierer ersetzen al Diesel-autoen - e weidere Schrëtt a Richtung méi ëmweltfrëndlech Mobilitéit. Aktuell besteet de Fuerpark aus 62 % Diesel, 11 % Bensinn an 13 % Elektro.*







**26.03.2026 - „Eng Kuer fir d'Natur" -**
*Ënnert dem Motto „Eng Kuer fir d'Natur" hunn och dëst Joer ronn 500 engagéiert Bierger un der Fréijoersbotz an der Péitenger Gemeng deelgeholl an sech mat vill Asaz fir Propretéit an Ëmweltschutz agesat. De Kanner-gemengerot hat e Concours lancéiert zum Thema Upcycling. Hei hate verschidde Gruppe versicht aus Offall vu Kleeder, Miwwelen oder Alldagsgéigestänn eppes Intressantes ze kreéieren. Als kleng Belounung goufen d'Benevole mat gudde Mäifel empfaangen an duerch de Buergermeeschter an d'Vertrieder aus dem Schäffen- a Gemengerot gelueft.*















# 25 JOER TÉLÉVIE ZU RODANGE





**18.04.2026 -Télévie - 25 Joer Centre de Promesse zu Rodange -** *Zanter 25 Joer engagéieren sech vill Leit fir d'Fuerschung géint de Kriibs - och dëst Joer mat engem ofwiesslungsräiche Programm, ville flotten Animatiounen a prominente Visiten. E ganz besonnesche Moment war de Besuch vun der Grand-Duchesse Stéphanie, déi zu Rodange op Besuch war. Am Centre de Promesse konnten dobäi 112.426 € gesammelt ginn - e staarkt Zeeche vu Solidaritéit.*











télévie


télévie
112 426
TÉLÉVIE ZENTER
RODANGE




Télévie
Happy Birthday
25.Joër


14





**29.03.2026 - Oratorio „La Vie de Jésus Christ“** - *En aussergewéinleche musikalesche Moment an der Péitenger Kierch: Den* ***Oratorio „La Vie de Jésus Christ“*** *vum Théodore Decker huet de Public mat staarker Musek, impressionante Stëmmen vun de Chorales d’Hommes Réunies Luxembourg an enger besonnesch andächteger Atmosphär begeeschtert.*













**30.03.2026 - Ausstellung vum saarlänneche Kënschtler Walter Bernstein -** *Zesumme mat eise Frënn aus der Gemeng Schiffweiler am Saarland a villen interesséierte Visiteure konnt d'Ausstellung an enger flotter Atmosphär opgemaach ginn. Inspiréierend Gespréicher an ausdrocksstaark Wierker hunn dëse Moment besonnesch gemaach an de kulturellen Austausch am Kader vum Jumelage tëscht Schiffweiler a Péiteng ënnerstrach.*














# KORUS CONCERTS DES ENSEIGNANTS













**03.04.2026 - Concerten am Kader vun der Aweiung vum KORUS.**
*Am Centre musical et culturel Korus, gouf et am Kader vun den Aweiungs-festivitéiten erem eng Rei vu flotte Concerten.*















CONCERT DES ENSEIGNANTS DE PIANO















KLEIN









BRASS BAND DU CONSERVATOIRE DE
MUSIQUE DE LA VILLE D'ESCH/ALZETTE











DE KAPITÄN MULLEBUTZ A SÉNG SÉISSWAASSERMATROUSEN







**04.04.2026 -Péiteng is Metal IV** - *D'Ambiance war nees op Héichtouren am Home St. Hubert zu Péiteng, wou d'Metal-Fans bei der 4. Editioun vu „Pétange is Metal“ voll op hir Käschte komm sinn. Am Laf vum Owend hu Warfield, Praetor, Abstract Rapture, Full Throttle Baby a Serpent Bite fir déi richteg Metal-Stëmmung gesuergt. D'Fans ware begeeschtert a freeën sech elo schonn op déi nächst Editiounen.*

















**08.04.2026 - Job-Day vun der Gemeng Péiteng -** *D'Jugendkommissioun vun der Gemeng Péiteng huet zesumme mat der Gemeng an dem Péitenger Jugendhaus ronn 50 Jugendlechen d'Méiglechkeet ginn, e Bléck hanner d'Kulisse vu lokale Betriber ze geheien. Dobäi konnten si Froe stellen a verschidde Beruffer méi genee kenneléieren. Fir d'Mëttegiesse war am Kulturhaus A Rousen gesuergt, an ofschléissend kruten all Participanten e Certificat, mat der Méiglechkeet, den Dag bei engem Patt a gudder Gesellschaft auskléngen ze loossen.*











**10.04.2026 - EUROMASTER Schio 2026**

*Wéi schonn zanter ville Jore goufen och dëst Joer Lycéesschülerinnen a -Schüler aus der italieenescher Partnerstad Schio fir hir Participatioun um Concours Euromaster ausgezeechent. Dëse Concours huet als Zil, Jugendlecher dozou z'encouragéieren, iwwer d'Grenze vun hirem Heemechtsland eraus ze kucken, andeems si en Essay zu engem europäeschen Thema schreiwen. Um Programm vum Grupp stoungen ënnert anerem eng Visite vun den Europäeschen Institutiounen um Kirchbierg, e flotten Owend am Centre QT souwéi en Owesiessen am Hotel Threeland.*














**16.04.2026 - Visite vun enger Schoulklass vum LGE**
*E klengen Abléck an de Beruffsalldag op enger Gemengeverwaltung kruten d'Schüler vun enger Cinquièmesklass an zwou Enseignantë vum Escher LGE wéi si, opgedeelt an zwou Gruppen, op enger „visite guidée" a verschidde Servicer vun der Gemeng eraluusse konnten. Et gouf och nach e Film am Sëtzungssall gewisen, an d'Schüler duerfte Froen un de Buergermeeschter stellen.*







**18.04.2026 - Porte Ouverte vun der neier Flüchtlingsstruktur mat dem Minister Max Hahn** - *Vill Interesséiert Leit an och d'Press hunn d'Geleeënheet genotzt, déi nei Struktur fir Flüchtlingen um Site vum fréieren Douaneshaischen ze besichen an sech e konkret Bild vun der moderner, temporärer Ënnerbréngung ze maachen. De Projet gouf a Presenz vum Familljeminister Max Hahn an dem Péitenger Buergermeeschter Jean-Marie Halsdorf virgestallt a gëllt als Virbild fir zukünfteg, séier ëmsetzbar Infrastrukturen.*







**17.04.2026 - Visitt vum Innenminister Leon Gloden zu Péiteng -** *Zesumme mam Schäfferot gouf ënner anerem de Policekommissariat besicht, wou et e wäertvollen Abléck an d'Aarbecht vun de Poliziste gouf, an et gouf sech iwwert aktuell Themen ewéi Sécherheet an Infrastrukturen ausgetosch.*







**26.04.2026 - Vernissage vun der Ausstellung „Hobbykënschtler"** *Den Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la Commune de Pétange huet agluede op de Vernissage vun der Hobbykënschtler-Ausstellung an der Maison de la Culture „A Rousen" zu Péiteng.*





**24.04.2026 - JOYEUSE ENTREE vum SAR Grand-Duc Guillaume zu Esch-Uelzecht** - *De Grand-Duc an d'Grande-Duchesse hunn hir Visitt zu Esch-Uelzecht ugefaangen - eng feierlech Éierung un d'Identitéit vum Minett, vertrueden duerch déi 11 Gemengen aus der Regioun, dorënner och d'Gemeng Péiteng mat sengem Buergermeeschter.*









**01.05.2026 - Dag vun der Aarbecht** - *D'Harmonie Municipale Rodange a Lamadelaine, d'Amicale vun de Péitenger Pompjeeën an den FC Rodange 91 haten op hir traditionell 1. Mee Feier agelueden. Nom Rendez-vous am Dhoil zu Rodange ass et am Cortège op Lamadelaine gangen op d'1.Mee Feier vum Hobby 81.*



**28.04. & 06.05.2026 - Weltdag fir Sécherheet a Gesondheet op der Aarbecht** - *Am Kader dovunner hu verschidde Workshops stattfonnt. Dës goufen den 28. Abrëll am Centre Culturel „A Rousen" an de 6. Mee um Site „An der Léier" organiséiert an haten als Zil, d'Sécherheet, d'Gesondheet an d'Wuelbefannen op der Aarbechtsplaz vun de Leit, déi fir d'Gemeng Péiteng schaffen, ze férderen.*











**7. - 9.05.2026 - Charity Dinner um Fond-de-Gras -** *D'Gemeng Péiteng an Zesummenaarbecht mam Rotary Club Bascharage-Kordall hunn op dräi Owender vill Gäscht an engem eenzegaartege Kader agelueden, fir zesummen e gudden Zweck z'ënnerstëtzen. Nieft kulinareschen Delikatesse vum Paul Eischen an enger eleganter Ambiance mat Sträichquartett stoung virun allem d'Solidaritéit am Mëttelpunkt.*




















**09.05.2026 - L'Europe en Chœur**
*À l'occasion de la Fête de l'Europe, la Commune de Pétange avait célébré l'amitié entre les peuples en musique lors du concert « L'Europe en Chœur » au Centre musical et culturel Korus. Les chorales de nos villes jumelées de Schio en Italie et Schiffweiler en Allemagne avaient uni leurs voix dans un magnifique moment de partage, de convivialité et d'esprit européen. Les ensembles Coro Monte Pasubio – Città di Schio et Chorvereinigung Heiligenwald de Schiffweiler ont entrepris un voyage en visite à Pétange pour cette belle célébration musicale.*







**10.05.2026 - Zeremonie zur Erënnerung un den 10. Mee 1940**

*Zu Péiteng beim Monument „Jacques Chauvin“ an um Kierfecht zu Lamadelaine goufen ënner anerem Blummen néiergeluecht an den Affer vum 10. Mee 1940 geduecht. Besonnesch gouf de franséischen, britteschen a kanadeschen Zaldoten Éier erwisen, déi bei der Nazi-Invasioun hiert Liewe verluer hunn.*












# Mir gratuléieren!



Op 9 Joerzingte konnt den Här **Camille Wernimont** déser Deeg zeréckkucken ewéi hie säi Gebuertsdag gefeiert huet. Bei sengem Besuch vun de Memberen aus dem Péitenger Schäfferot huet hien sech et net huele gelooss, mat hinnen all unzestoussen. Dat, nodeems hie vu jidderengem déi bescht Wënsch an eng gutt gefëllte Corbeille vum Buergermeeschter entgéintgeholl hat.

Viru kuerzem huet den Här **Ernest Trausch** vu Rodange säin 90. Gebuertsdag gefeiert. Vertrieder vum Schäfferot hunn d'Gebuertsdagskand mat enger schéiner Corbeille voll gudder Saachen iwwerrascht an och déi bescht Wënsch fir dëse groussen Dag matbruecht. Nom offizielle Ständche stoung nach e Patt um Programm.





Ufank Abrëll gouf d'Madamm **Anne-Marie Schneider-Souvignier** 95 Joer jonk. Dëse schéine Gebuertsdag huet si zu Péiteng an der Seniorie St Joseph gefeiert, wou si elo doheem ass. Ëmgi vu Familljememberen huet si och déi beschte Wënsch vun der Direktioun, dem Fleegepersonal, der Amicale vun der Seniorie a vu Memberen aus dem Péitenger Schäfferot, déi hir e schéine Kaddo matbruecht haten, entgéintgeholl.

An der Seniorie St Joseph zu Péiteng huet et nees eng Kéier „Happy Birthday" geheescht, wéi d'Madamm **Marie-Josée Lutgen-Feller** hiren 90. Gebuertsdag gefeiert huet. Ëmgi vu Familljememberen huet si d'Gléckwënsch vu Vertrieder vun der Direktioun, dem Fleegepersonal, der Amicale an och vum Schäfferot, deen si mat enger gutt gefëllter Corbeille iwwerrascht huet, entgéintgeholl. Uschléissend goufen et selbstverständlech e klenge Ständchen an e Pättchen zu hiren Éieren.



# Nouvelle organisation des permanences nocturnes

Depuis le 4 mai 2026, la Commune de Pétange réorganise ses permanences nocturnes avec un objectif clair : plus d'efficacité, moins d'attente et plus de confort pour vos démarches administratives.

### CE QUI CHANGE

**Rendez-vous obligatoire pour les nocturnes:**

Le mercredi entre 16h30 et 18h30, la prise de rendez-vous est désormais obligatoire.

**Rendez-vous facultatif pendant les horaires habituels:**

8h30 - 11h30 et 13h30 - 16h30, vous pouvez facultativement prendre rendez-vous – les personnes munies d'un Rendez-vous sont traitées en priorité.

## CONCOURS

## Wéi gutt kennt Dir Är Gemeng?



**Wësst Dir wat wou op dës Foto geholl gouf?**
**Test Är Kenntnisser a gewannt e flott Buch!**

### An esou geet et:

Schéckt eis Är Äntwert (de ganzen Numm an d'Adress w.e.g.) eran, a mat e bësse Chance sidd Dir ee vun eisen 3 Gewënner déi an der nächster Editioun verëffentlecht ginn!

Vill Spaass beim Roden!

*Mailt eis Är Äntwert eran op* **concours@petange.lu**

*oder schéckt eis se per Post op dës Adress:*
**Gemeng Péiteng · B.P. 1 · L-4701 PÉITENG**

### Opléisung vun der leschter Editioun:

Op der Foto war déi al elektresch Lokomotiv (MMR N° 3) vun der Minièresbunn, déi virun der PiKo-Schwämm zu Rodange steet, ofgebillt.

**De Gewënner aus der leschter Editioun ass:**

- Olivier Feller vu Rodange

**De Gewënner ka säi Buch bei de Service Culture et Communications, 2, Place du Marché · L4756 Péiteng siche kommen. Merci fir d'Matmaachen!**







**All éischte vum Mount eng nei Emissioun iwwert an aus der Gemeng Péiteng.**

**Ze gesinn op eisem Youtube Kanal, eiser Internetsäit, op all eise Social Media Kanäl an esouguer op apartTV.**

www.petange.lu/mediatheque/videos/

Commune de Pétange

commune.de.petange

Gemeng Péiteng - Commune de Pétange

pétange
MOTIVATION COMMUNE an Du

www.petange.lu




# Mobilitéitscheck: Eis Richtung fir d'Zukunft

Am Kader vum Plan local de mobilité (PLM) huet d'Gemeng Péiteng de 4. Mee 2026 d'Resultater vum Mobilitéitscheck am Centre culturel et musical Korus presentéiert.

Dëse Questionnaire, op deen d'Bierger tëscht dem 1. Dezember 2025 an dem 1. Januar 2026 äntwere konnten, huet mat am Ganze 1.528 Äntwerten eng héich Participatioun kannt.

D'Resultater ginn en authentescht Bild dovun, wéi d'Bierger hir alldeeglech Mobilitéit erliewen an aschätzen. Si weisen, datt den Auto aktuell dat meescht benotzte Verkéiersmëttel bleift, besonnesch fir den Trajet op d'Aarbecht oder an d'Schoul. Gläichzäiteg hunn d'Participanten och d'Roll vun der Mobilitéit zu Fouss an – nach begrenzt – mam Vëlo ervirgehuewen, virun allem am Kontext vu Fräizäit a Gesondheet.

D'Bewäertungen ënnersträichen, datt d'Mobilitéit an der Gemeng am grousse Ganze positiv ugesi gëtt, mat engem vergläichsweis bessere Resultat fir den ëffentlechen Transport wéi fir d'Stroossesécherheet oder d'Vëlosinfrastrukturen.

Gläichzäiteg weisen d'Äntwerten kloer op eng Rei vu Problemer hin, déi aus Siicht vun de Bierger eng Prioritéit duerstellen: ze vill Verkéier, ze héich Vitessen, e Manktem u Parkplazen an eng net ëmmer genuch Sécherheet fir Foussgänger a Vëlosfuerer.

Vill Participanten hunn och konkret Virschléi formuléiert, ënner anerem fir méi Verkéiersberouegung, besser Vëlosinfrastrukturen, verstäerkt Kontrollen an eng Verbesserung vun der Beliichtung an der Visibilitéit am Stroosseverkéier.

Dës Resultater stellen domat virun allem eng wichteg Orientéierung duer: si weisen, wat d'Bierger als relevant an néideg ugesinn, a bilden eng Basis fir déi weider Diskussiounen am Kader vum PLM. Si sinn als Meilesteen ze verstoen, un deem sech d'Gemeng orientéiere kann.

Am Hierscht 2026 ginn zousätzlech Workshops organiséiert, fir zesumme mat de Bierger déi ugeschwate Themen ze verdéiwen, méiglech Moossnamen auszeschaffen an ze diskutéieren.

D'Gemeng Péiteng ënnersträicht domat de Wëllen, d'Bierger aktiv an de Prozess anzebannen an hir Meenungen an d'Weiderentwécklung vun der Mobilitéit afléissen ze loossen.








## Travaux sur le chemin piétonnier « Bei der Kor »

Une partie du tronçon du chemin piétonnier situé le long de la Chiers, au lieu-dit « Bei der Kor », sera temporairement fermé à toute circulation pour une durée estimée d'environ un an.

Cette fermeture est nécessaire afin de garantir la sécurité des usagers durant les travaux de stabilisation de la berge.

L'accès ne sera pas possible, ni à pied ni à vélo, sur cette section pendant toute la durée des travaux.



## Nei Mataarbechter



Zënter dem 1. Abrëll - dat ass keen Abrëllsgeck - schafft den **Gianmarco Perroni** an de „Relations Publiques" vum Kulturservice a wäert do d'**Madamm Pia Hansel** ersetzen, déi an d'Pensioun geet.



Den 1. Abrëll krut och d',,Cellule informatique" vum Kulturservice Verstäerkung mam **Yan Muller**, deen an d'Ekipp integréiert gouf.



Zënter dem 1. Abrëll gehéiert de **Loris Pompignoli** zur Ekipp vun den „Archives Communales" vun der Gemeng Péiteng.

# Eltern-Erlaubnis für Reisen ins Ausland




Eine Eltern-Erlaubnis ist ein Papier.

Die Eltern oder Erziehungs-Berechtigten schreiben:

Das Kind darf reisen.

Erziehungs-Berechtigten sind Personen.

Diese Personen dürfen für ein Kind wichtige Entscheidungen treffen.

Auf Französisch sagen wir: Autorisation parentale.

Kinder unter 18 Jahre brauchen das Papier,

wenn sie **ohne ihre Eltern** verreisen.

Man bekommt das Papier auf dem **Bürger-Amt** von der Gemeinde.



Ein **Bürger-Amt** ist ein Büro.

## ! Wann ist das wichtig?

- Das Kind reist **alleine**
- Das Kind reist mit **Schule, Freunden oder Familie**

## Was muss auf dem Papier stehen?



- Infos über die Eltern oder **Erziehungs-Berechtigten**
- Name von dem Kind
- Geburts-Datum von dem Kind
- Wohin man mit dem Kind reist
- Wie lange man mit dem Kind reist
- Der Name von der Person, die mit dem Kind reist.
  Wenn eine Person mit-reist.
- Schule oder Verein von dem Kind.
  Wenn das Kind mit der Schule oder dem Verein reist.
- Unterschrift von den Eltern oder Erziehungs-Berechtigten.

## Wie bekommt man das Papier?

Es gibt **fertige Formulare**.

Man muss die Formulare nur aus-füllen.

Das Personal von der Gemeinde hilft beim Aus-füllen.

Das ist **gratis**.

Die Eltern oder Erziehungs-Berechtigte müssen auf dem Papier unterschreiben.

Das Personal von der Gemeinde muss dabei sein.

Das Personal kontrolliert die Ausweis-Karte (carte d’identité).

Dann schreibt das Personal:

Ja, diese Unterschrift gehört zu dieser Person.



## Wichtige Infos 

Die **Eltern / Erziehungs-Berechtigten** müssen:

- selber in das Gemeinde-Haus kommen.
  Es geht **nicht** mit E-Mail oder Brief.
- Eine Ausweis-Karte (carte d’identité) mitbringen.
  Die Ausweis-Karte muss noch gut sein.
  Das Datum auf der Karte darf **nicht** abgelaufen sein.
- Das Papier in dem Gemeinde-Haus unterschrieben.
- Alle wichtigen Infos über die Reise wissen
- Das Eltern-Recht für dieses Kind haben

## Was ist das Eltern-Recht?

Im Land Luxemburg bekommt man das Eltern-Recht meistens sofort:

- Wenn sie ein Kind haben.
  Beide Eltern haben zusammen das Eltern-Recht, auch wenn sie nicht verheiratet sind.
  Wann hat man dieses Recht nicht?
  Wann verliert man dieses Recht?

Das Gericht kann entscheiden, dass jemand das Eltern-Recht nicht hat wenn:

- das Kind in Gefahr ist.
- Die Mutter oder der Vater sich nicht gut um das Kind kümmern kann.
  Zum Beispiel: wegen einer Krankheit.

pétange
MOTIVATION COMMUNE an Du

**FREE ENTRY**

# OPEN AIR FESTIVAL

Presents:

# ROCK 'N'OWL




## JULY 17th 2026

**18:00–01:00**

**@PLACE JOS. MOSCARDO, RODANGE**

**Infos: www.petange.lu**

pétange
MOTIVATION COMMUNE an Du

**SATURDAY, 18TH JULY**
20:00 - 01:00

# TECH'N'OWL

**PLACE JOS MOSCARDO**
"Bei der Eil" - Rodange

**FREE ENTRY**

